N°2156
Entrée le 27.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 27.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 27/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Zënter 2022 ass d'Kannerbetreiung an de Maisons relais Lëtzebuerg gratis, leider net fir jiddereen an och net zu all Zäit.

Eischtens, well net all Gemeng genuch Plazen a sengen ëffentlechen Maison relais huet. «Wir werden nicht alle in den Maisons Relais aufnehmen können», esou titelt L'essentiel een Artikel vum 2te Juli 2022. Dat stëmmt haut nach ëmmer. De Minister hat op d'Fro n°6162 geäntwert, dass de Staat keen Abléck op d'Waardelëschte vun de Maisons Relais hätt, well dës vun den eenzele Gestionnairë gefouert ginn. An der Gemeng Péiteng sëtzen ëmmer nach honnerte Kanner op der Waardelëscht. An anere gréissere Gemengen ass d'Situatioun ähnlech.

Aus dësem Grond musse vill Familljen op privat Kannerbetreiung zeréckgräifen, also oft bei profitorientéierten Déngschter. Hei leet de Staat awer "just" maximal 6€ pro Stonn bei. Verschidde Betreiungsstrukturen froen awer mol locker 8 bis 10€ d'Stonn. Mir leien och Kontrakter vir, wou ëmmer de maximale Montant u Stonnen verrechent gëtt, egal ob d'Kanner dës Stonne versuergt ginn oder net.

Vill Eltere mussen dann och an de Schoulvakanzen eng kräfteg Schëpp Sue bäileeën, well d'gratis Kannerbetreiung hei net gëllt an d'Staatssubventioun da manner wéi 6€/Stonn bedréit. Verschidden Eltere bezuelen esou iwwert d'Summervakanz iwwert 1000€ de Mount, och wann si déi privat Maison relais net brauchen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gedenkt d'Regierung iergendeppes um nationale Plang z'ënnerhuelen, fir dass d'Kanner am ganze Land Usproch op eng Plaz an der Maison Relais kënnen hunn onofhängeg dovunner, a wéi enger Gemeng se wunnen?

2. Wäert d'Regierung den Elteren, déi net vun der "Gratis Kannerbetreiung" profitéiere kënnen, finanziell entgéint kommen, zum Beispill duerch eng zousätzlech Steierreduktioun oder een Ausbezuele vun engem weidere Subside, wann si an eng méi deier privat Struktur musse goen, well keng Plaz an enger Gemengen-Maison-Relais ass?

3. Wäert de Minister dofir suergen, dass d'Präisser an de private Maisons relais gedeckelt ginn,

wann an ëffentleche Betreiungsstrukturen d'Eltere gezwonge sinn, fir hir Kanner an enger privater Struktur anzeschreiwen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2156 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen**

**Ad 1)**

D'Eréffnung respektiv de Bau vun engem Service d'éducation et d'accueil (SEA) läit an der Hand vun de Gemengen a vu private Gestionnairen. D'Regierung huet sech virgeholl, d'Gemengen ze ënnerstëtzen, bis 2030 fir all Kand eng Plaz an enger Bildungs- an Betreiungsstruktur ze schafen, dat bedeit, méi Strukturen ze schafen, respektiv besteeënd Strukturen auszebauen.

Zanter 2023 si verschidden Aiden am Beräich vun den Infrastrukturen an och fir d'Dageseltere bereetgestallt ginn. Dëst Joer sinn d'Aiden nach eng Kéier gehéicht ginn, fir den Ausbau vu Betreiungsplaze weider ze promouvéiren.

Doniewent soll d'Berodung fir Gemengen erweidert ginn, déi hir SEA am Klengkandberäich oder Schoulkandberäich ausbauen oder nei baue wëllen.

**Ad 2)**

An der Schoulzäit ass den Accueil gratis. Privat Gestionnairë kënnen e Supplement pro Stonn froen.

An de Vakanze sinn d'Betreiungskäschten duerch den CSA-Barème ofhängeg vum Akommes vun den Elteren, wat fir eng Entlaaschtung vun Eltere mat schwaachem Revenu suergt. Privat Gestionnairë kënnen e Supplement pro Stonn froen.

Déi net-konventionéiert Gestionnairë spille virun allem am Klengkandberäich eng wichteg Roll an decken e groussen Deel vum Besoin of.

Et ass aktuell eng Reform vum Dispositif Chèque-service accueil (CSA) an Aarbecht, déi d'Elteren entlaaschte wäert.

**Ad 3)**

D'Reform vum Dispositif CSA wäert zu enger Entlaaschtung bei den Eltere féieren, déi hir Kanner an enger net-konventionéierter SEA betreie loossen. D'Modalitéite vun dëser Reform ginn aktuell ausgeschafft a finaliséiert.

Lëtzebuerg, den 18. Abrëll 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH